

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. Abrëll 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Sécherheet, d'Madamm Justizminister an den Här Transportminister weiderzeleeden.

D'Gewalt am öffentlichechen Transport etabléiert sech als Dauerthema. D'Buschauffeure an d'Zuchpersonal si besonnesch dacks d'Affer vun Attacken. Fir dës Fro huele mir den Zäitraum vun 2014 bis elo. An dem Kontext, wéilt ech dës Froen un den Här Minister fir bannenzéich Sécherheet, d'Madamm Minister fir Justiz an den Här Minister fir Mobilitéit stellen:

- 1) Zeechent sech en eenheetlechen Täterkrees bei den Attacken op Buschaufferen an op d'Zuchpersonal of? Wie si majoritär déi Leit, déi hei aus der Roll falen, wat ass hiren Alter, wat sinn hir Originen? Wéivill sinn der rechtskräfteg veruerteelt ginn? Zu wéi enge Strofe goufen déi Leit veruerteelt? Kann d'Regierung d'Attacken no Joeren zäitlech opschlësselen?
- 2) Wéivill Passagéier goufe bis elo ugegraff? Wéi eng Konsequenzen haten esou Doten?
- 3) Wat sinn generell d'Ursaache fir esou Ausenanersetzungen? Gëtt et e Muster, wéi esou Situatiounen eskaléieren?
- 4) Ass eng Schutzkabin fir d'Chauffere sënnvoll (a wie géing déi bezuelen)?
- 5) Wär eng Begleetpersoun am Bus wéi am Zuch sënnvoll? Wéi ginn d'Buschauffeure an d'Zuchpersonal op geféierlech Situatioune virbereed? Ginn d'Affer vu Gewaltdoten am öffentlichechen Transport psychologesch gratis begleet?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten